N°1868
Entrée le 30.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'EU-Kommissiounspresidentin Ursula von der Leyen huet rezent eng nei Ausriichtung vun der EU-Wirtschaftspolitik ugekënnegt, mat engem besonnesche Fokus op de Bürokratieofbau. Dës Annonce kënnt zu enger Zäit, wou souwuel d'Betriber ewéi och d'Bierger ëmmer erëm op déi héich administrativ Laascht hiweisen, déi duerch verschidden EU-Direktiven entstinn ass.

Am Kontext vun dëser Nei-Ausriichtung stellt sech d'Fro iwwert d'Kohärenz tëscht den EU-Direktiven an der nationaler Gesetzgeebung. Et ass wichteg ze préiwen, ob verschidden national Gesetzer, déi op alen EU-Direktive baséieren, nach ëmmer a Kraaft sinn, obwuel d'Basis-Direktive schonns geännert oder opgehuewe goufen. Dëst kéint zu onnéideger Bürokratie féieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname fir e Bürokratieofbau plangt d'Regierung am Kader vun dëser neier EU-Ausriichtung ëmzesetzen?

2. Huet d'Regierung eng Analys gemaach fir ze identifizéiere, wéi eng national Gesetzer nach a Kraaft sinn, déi op alen oder ofgeännerten EU-Direktive baséieren? Falls jo, wéi vill esou Gesetzer goufen identifizéiert a wat ass de Planning fir dës ze aktualiséieren oder opzehiewen?

3. Wéi eng Prozedur huet d'Regierung agefouert fir ze verhënneren, datt an Zukunft national Gesetzer a Kraaft bleiwen nodeem hir Basis-Direktiven op EU-Niveau geännert oder opgehuewe goufen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten